



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

Äntwert vum Verdeedegungsminister an vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8051 vum 1. Juni 2023 vum honorabelen vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser

Zur Fro 1:

D'Faillite huet keen direkten Afloss op d'Lëtzebuenger Verdeedegungspolitik.

D'Direction de la Défense hat bei Virgin Orbit eng Etüd ugefrot, fir ze kucken ob gemeinsam Projeten zesumme mat europäesche Partner méiglech sinn. Et gouf awer nach keng formell Zesummenaarbecht. Am Kader vun der Etüd gouf sech op den *Ground Support Equipment* fokusséiert. D'Etüd war an dräi Phase virgesinn. Virgin Orbit huet déi éischt Phase fir e Montant vu 50.000 Euro (ouni TVA) realiséiert, deen och bezuelt gouf. D'Phasen 2 an 3 goufen net realiséiert an och net bezuelt.

Zur Fro 2:

De Lëtzebuenger Ekosystem vun de Weltraumaktivitéite besteet zu méi wéi 50% aus Betriber déi Uwendungen an Technologien entwéckelen a Servicer offréieren. Et ginn hei just e puer Betriber déi eventuell Servicer vun engem Fournisseur wéi Virgin Orbit géinge gebrauchen. Eisem Kenntnis no gëtt et zu Lëtzebuerg just eng Firma déi op Virgin Orbit wollt zeréck gräife fir Lancementer, déi Firma huet och schonn eng gutt aner Alternative fonnt.

Och wann et nach keng aner funktionéierend Solutioun gëtt fir Satellitte via Fliger op Orbit ze brénge, ginn et am Moment weltwäit vill Initiativë fir aner Lancement-Servicer. Den Impakt op de Lëtzebuenger Space-Ekosystem ass also marginal.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2023

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister